**Neijoersried 2021**

Kolleeginnen a Kolleegen,

Als alleréischt wëll ech Iech emol alles Guddes fir d'Joer 2021 wënschen. Och wann dat neit Joer esou ufänkt wéi dat aalt opgehalen huet - nämlech mat engem digitalen Discours amplaz engem labberen Neijooschpatt, esou ass et dach eng Erliichterung, dat scheinbar onendlecht Joer 2020 hannert eis ze loossen.

Et woar e Joer, dat fir eis alleguer ganz aanescht verlaf ass, wéi mer dat nach virun 12 Méint geduet hätten. Et woar och e Joer, dat Leed an Onsécherheet mat sech bruet huet, déi eng virun Existenzängscht an anerer ënner héijen Drock an Iwwerarbeschtung gestallt huet.

Ech wëll dowéint ufänken, deene Leit merci ze soen, déi oft vergiess ginn an déi während deene leschte Méint onméigleches geleecht hunn, ob am Gesondheets- a Fleegesecteur, am Nettoyage, am Commerce, am Transport, um Bau. Wann 2020 fir eppes gutt woar, da fir eis all ze weisen, wéieng Arbechten wierklech essentiell sinn. Net d'Spekulanten op der Finanzplatz mä déi Leit, déi all Dag hart schaffen, oft fir net vill méi wéi de Mindestloun a wéineg Unerkennung am Alldag sinn déi, déi eis Gesellschaft um lafen halen. Et si virun allem Fraen, wat weist, dass den 1. nationale Fraestreik d'lescht Joer genau zum richtegen Zäitpunkt organiséiert gouf. An et sinn zu engem groussen Deel Frontalieren, ouni déi eise Gesondheetssystem implodéiert wier, sou dass hoffentlech an Zukunft eis Regierung och d'Groussregioun méi serieux hëllt an net méi vu Krëschtbeliichtung zu Metz braddelt wann iwwer déi berechtegt Fuerderung vu finanziellen Transferten diskutéiert gëtt.

Op engem Evenement wéi deem hei kommen ech natierlech net dolaanscht, e Bléck zeréck ze geheien op de Krisemanagement vun der Regierung an eis Oarbecht als Oppositiounspartei.

Dee Rôle hu mäer als Mouvement an eis Fraktioun vun Ufank u ganz eecht geholl. Mäer woaren nie aus Prinzip géint d'Mesure vun der Regierung, mäer hunn eis awer och geweigert, dat Spillchen vun der nationaler Unitéit matzespillen an all Décisioun onkommentéiert matzedroen, wéi d'Regierung sech dat heiansdo schéngt gewënscht ze hunn.

All Kris huet ëmmer méi stoark Auswierkungen op déi eng Leit, wéi op anerer, an dowéint hunn déi Lénk probéiert, déi Leit ze verdeedegen, déi riskéiert hätten, vergiess ze ginn. Locatairen a kléng Indépendanten hunn zum Beispill dozou gehéiert, während grouss Betrieber Hëllefen a Staatsgarantie kruten, oft ouni Konterpartie, dass se keng Leit dierften entloossen. Och d'Erhéijung vun der maximaler Oarbechtszäit a Beräicher wou dat net néideg gewierscht wier hu mer kritiséiert. Gläichzäiteg hu mer d'Regierung do ënnerstëtzt, wou se gutt Décisioune geholl huet. Mesuren wéi de chômage partiel, deen net kann ënner de Mindestloun falen, woare richteg a wichteg.

Méi holpreg gouf et elo am Hierscht. Mäer wossten, dass et ging zu enger 2. Infektiounswell kommen a sinn dovun ausgaangen, dass d'Regierung déi méi roueg Summerzäit genotzt hätt, fir eng Strategie ze entwéckelen, mat prévisibele Mesuren, esou dass déi néideg Gesetzesproposen just missten aus dem Tirang geholl ginn, wa se ginge gebraucht ginn. Deem woar awer net esou.

Konsequenz woar, dass op eemol ënner héijem Zäitdrock eng Reih Gesetzer hu misse geschriwwe ginn. An obwuel d'Parlament esou séier geschafft huet wéi méiglech, an et d'Exekutiv woar, déi getrentelt huet, hat de Premierminister de Culot, der Chamber mat engem 2. Etat de crise ze drohen, sollt déi net e bësse Gas ginn. Dat woar den Ufank vun der Regierungstrategie, hier eege Feeler op anerer emzewälzen.

Esou ass et dann och monter weider gaangen, mat enger ëmmer weiderer Individualiséierung vun der Responsabilitéit. Wou d'Infektiounszuelen an den Alters- a Fleegeheemer an d'Lut geschoss sinn, do woaren eenzeg an alleng déi eenzel Haiser responsabel. Nëmmen net déi zoustänneg Ministesch Cahen, déi hätt kënnen universell Reegelen opsetzen, mä sech geweigert huet. Wou ëmmer méi Schoulklassen a Quarantän woaren, huet den zoustännege Minister Meisch nach ëmmer behapt, an de Schoule kinnt een sech net ustiechen. A wou Restauranten, Kinoen a Sportaktivitéiten zou woaren, a just nach d'Konsumtempelen ouni serieux Reegelen opwoaren, do huet den 3. liberale Minister , de Lex Delles, gesot, d'Leit sollen sech dach einfach méi verdeelen, wann se shoppe ginn. Des Kris huet méi wéi je gewisen, wéi liberal Politik ausgesäit: sou vill wéi méiglech Responsabilitéit vum Staat op de private Secteur an d'Leit ofwälzen. Liberal Politik ass am Fong geholl eng Non-Politik.

Amplaz op Transparenz a Sensibiliséierung ze setzen, amplaz d'Situatioun duerch kohärent Sanitärkonzepter do ze verbesseren, wou déi meecht Leit sech ustiechen, also op der Oarbecht, am ëffentlechen Transport an an de Schoulen, ass d'Regierung ëmmer méi autoritär ginn. Déi emstriddenst Moossnahm woar de couvre-feu, eigentlech eng Krichsmesure. Dass eng Ausgangsspär iwerhaapt en Impakt op d'Infektiounen huet, ass wëssenschaftlech nach ëmmer net  kloer beluet.

Leider gouf bis elo och kee Bilan gemat, wat déi psychesch a sozial Konsequenzen vun esou libertizide Mesuren ugeet. Mäer wëssen nach net ob a wéi héich d'Zuelen vun heislescher Gewalt geklomme sinn. Mäer wëssen awer, dass d'Psychiatrie säit Méint iwwerlaascht sinn. De Sujet vun der santé mentale ass méi kompliziéiert wéi d'Fro op d'Buttéker op oder zou sinn, Här Bettel.

Mä wa mäer och all eis brav un d'Reegele gehalen hunn an de Plafond eis lues a lues op de Kapp fällt, esou konnt wéinstens dat autoritärt Covid-Gesetz am Géigesaatz zu eis e bësse reesen. Als éischt ass et zu Biarritz ënnerschriwwe ginn an d'Verlängerung dunn zu Paräis. Natierlech ass dat net illegal, mä de Staatschef sollt am Allgemengen schon eng gewësse Virbildfunktioun droen an huet eis eppes bestätegt: wann de Grand-Duc an desen Zäiten ouni Problem kann duerch hallew Europa reesen, dann ass d'Monarchie definitiv kee secteur essentiel.

Kolleeginnen a Kolleegen,

D'Joer 2020 stung natierlech am Zeeche vu Corona, mä mäer sollten net vergiessen, dass mer nach virun anere groussen Erausfuerderunge stinn. Erënnert der äerch nach u Silvester 2019, deemools gouf weltwäit iwwer d'Bëschbränn an Australie geschwat. Mindestents 33 Mënschen a ronn eng Milliard Déiere sinn dobäi em d'Liewe komm. Gläichzäiteg wäert déi Zerstéierung vu komplexen Ökosystemer a Liewensgrondlagen vu bedrohten Déieren awer nach vill méi grave Konsequenzen hunn. D'Klimakris ass nach ëmmer real an urgent, och wann dest Joer net sou vill driwwer geschwat gouf an och wann dank blo-rout-gréng zu Lëtzebeurg bis elo keng urgence climatique ausgeruff gouf.

Et ass eigentlech absurd, dass eng Regierung, déi sech de Klimaschutz op de Fändel geschriwwen huet, net schéngt aus de Startlächer ze kommen. Aus lénker Perspektiv besteet d'Bekämpfung vun der Klimakris net aus eenzelne Mesuren, mä se stellt e strukturelle Problem duer, deen oft net als solche wouer geholl gëtt. Ech wäert nach dorop agoen.

Mä et gëtt natierlech och konkret Saachen, déi een direkt kinnt ugoen. Zum Beispill eng legal Basis schafen fir ze verhënneren, dass eis Pensiounen ëmmer nach a fossil Energien an aner schiedlech Wirtschaftsdeeler investéiert ginn. Mäer fuerderen dat scho säit Joeren, mä d'Majoritéit kënnt net an d'Gäng.

Genau esou wéi während der Corona-Pandemie setzt d'Regierung och beim Klimaschtz léiwer op eng Individualiséierung vun der Responsabilitéit amplaz strukturell Verännerungen duerchzesetzen. Dat

beschte Beispill heifir ass natierlech d'CO2-Steier, déi jo elo a Kraaft getrueden ass. Esou eng Taxe trëfft alt erem déi Leit mat niddregem Akommes méi stoark wéi déi aner. Virun allem soll se awer e Verhale bestrofen, dat een net einfach esou vun haut op moar kann änneren. Et ass e bëssen absurd, dass de Benzin soll duerch eng CO2-Steier méi deier ginn - d'Bierger also bestrooft gi wa se Auto fueren - a gläichzäiteg d'A3 op 6 Spueren ausgebaut gëtt! Wëll d'Regierung dann elo dass mer Auto fueren oder net? Wa se dat net wëll, firwat investéiert se déi Suen dann net an e weideren Ausbau vum ëffentlechen Transport a séchere Velosweeër amplaz an nei Autobunnen? Vill méi stoark wäert d'CO2-Steier awer beim Hëtzen ze spiere sinn. Hei hu vill Leit jo nach manner Méiglechkeeten fir eppes ze änneren.

Kiischt um Kuch vun der CO2-Steier ass iwwregens, dass déi am Index-Wuerekuerf neutraliséiert gëtt. Déi Lénk haten eng Motioun an der Chamber agereecht fir dat ze verhënneren, mä déi gouf mat de Stëmme vun der Majoritéit verworf. Grad eng LSAP, déi sech als sozialistesch Partei bezeechent, huet sech am Dezember mat schëlleg gemat un enger Manipulatioun vum Index. Während der Debatt an der Chamber hu si et mol net fir néideg fonnt, d'Wuert ze ergräifen fir déi Décisioun ze erkläeren! Wéi hat den David Wagner dat spontan kommentéiert? D'LSAP as KO. Leider schéngt e Recht ze hunn.

Kolleeginnen a Kolleegen,

An eisen Oarbechtsgruppe schaffe mer als déi Lénk intensiv op der Fro vu Klimagerechtegkeet an u Mesuren, déi eisen ekologesche Foussofdrock erofdrécken a gläichzäiteg konkret ville Leit d'Liewe ginge méi einfach maachen. Zum Beispill un engem gerechte Finanzéierungsmodel fir d'Isolatioun vu Wunnéngen, fir nëmmen dat ze nennen. Mat dem aktuellen elitäre Prime-System hu vill Leit, déi grad a schlecht isoléierte Wunnénge liewen nämlech guer net d'Méiglechkeet, eppes ze verbesseren. Zousätzlech zu den héijen Heizkäschten gi sie dann elo nach mat enger CO2-Steier bestroft. Un den Emissiounen ännert dat iwwerhaapt näicht. Mat eisem System gingen déi Leit ënnerstëtzt ginn, esou dass se net a weider finanziell Schwieregkeete geroden a gläichzäiteg eppes konkretes fir de Klimaschutz gemat gëtt.

De wierkleche Problem läit awer enzwesch aanescht:

Viru kuerzem ass eng intressant Etude vun Oxfam erauskomm iwwer de Klimwandel. Doraus geet ganz kloer ervir, dass während de leschten 30 Joer d'Emissioune vun deene Leit an Europa mat manner Geld erof gaange sinn. An d'Lut gaangen sinn se just bei deenen 10% räichste Leit. Des Inégalitéiten si flagrant wann een déi verschidde Länner matenee vergläicht, mä genau esou ausgeprägt wa mer d'Leit ënnerhalb vun engem Land vergläichen. Déi 10% räichste Lëtzebuerger verbrauchen 5 mol méi CO2 am Joer, wéi déi 50% mat manner Akommes. Wa mer eis un d'Klimaziler  am Paräiser Accord hale sollen, dann däerfe mer bis 2030 just nach 2,1 Tonnen CO2 pro Kapp am Joer verbrauchen. Déi 1% räichste Lëtzebuerger hunn de Moment e Verbrauch vun 214 Tonnen, also 100 mol méi!

Wa mer also wierklech wëllen eppes géint de Klimawandel maachen, dann nëtzt et näicht de Benzin em 5 Cent de Liter méi Deier ze maachen. Dat trëfft just déi Leit, déi souwisou an de leschten 30 Joer hier Emissioune reduzéiert hunn. Oxfam seet ganz kloer, am Häerz vun all Politik fir d'Emissiounen ze reduzéieren, muss d'Bekämpfung vun de sozialen Inégalitéite stoen. Wann d'Schéier tëschent arm a räich weider sou ausernee geet wéi bis elo, da renne mer widdert eng Mauer.

Mä leider huet déi aktuell Regierung dat nach net verstanen. Während de läschte 7 Joer sinn d'Inégalitéiten ëmmer weider geklommen a souguer kléng Mesuren fir dat ze änneren sinn ëmmer méi schwéier emzesetzen.

Ee Beispill: Am Dezember gouf eng Erhéijung vum Mindestloun an der Chamber gestëmmt. Deen ass gekoppelt un d'Lounentwécklung zu Lëtzebuerg, dat heecht wann déi allgemeng Léin an d'Lut ginn, da

gëtt de Mindestloun ugepasst. Des Kéier, matten an enger Pandemie, an enger sozialer Kris, wollt d'DP dat awer net einfach esou ënnerstëtzen an huet Konditioune gesat. Eng Fraktioun voller Affekoten an héije Staatsbeamten, déi Problemer huet, dem Botzpersonal 60 Euro brutto méi de Mount ze ginn!

Natierlech argumentéiert eng DP, während deser Wirtschaftskris wier et de Betrieber net zouzemudden, d'Lounkäschten an d'Lut ze hierwen. An eenzelne Fäll stëmmt et och, dass dat fir kleng Betrieber am Moment net esou einfach ass. Mat däer Kompensatioun, déi d'DP duerchgedréckt huet, gi vill grouss Betrieber elo allerdings iwwerkompenséiert, se maachen also nach Bénéfice mat der Erhéijung vum Mindestloun, natierlech finanzéiert duerch eis Steieren. Dobäi kënnt, dass kleng Betrieber - Coiffeure, Bistrot'en, … - an der Réalitéit vun enger Erhéijung vum Mindestloun profitéieren. Leit mat niddrege Léin sinn nämlech déi, déi hiere Salaire gréisstendeels ausginn an doduerch d'Wirtschaft ukuerbelen, dowéint muss grad an enger Wirtschaftskris d'Kafkraft erhéijt ginn. A schlussendlech, léif DP sinn et net déi 60 Euro méi de Mount, déi klenge Betrieber ze schafe maachen, mä virun allem déi exorbitant Loyer'en am ganze Land. An op deser Fro brauch des Regierung sech och wierklech net ze bretzen.

Well esoulaang weider op de fräie Moart gesat gëtt, wéi d'DP dat ëmmer erofbied, esoulaang wäert sech d'Situatioun weider zouspëtzen. Et gëtt ëmmer nach Leit, déi vun den héije Präisser profitéieren, dowéint muss de Staat endlech aschreiden an deenen hier Muecht briechen, soss wäert sech déi Situatioun net änneren. Leider gesäit et awer net esou aus, wéi wann dat an nächster Zäit ging geschéien. Déi Gesetzer, déi zur Zäit um Instanzewee sinn, stellen éichter e Weidersou, wéi e Broch duer.

Et ass Zäit dass mäer als Gesellschaft ufänken, fir eng aner Logementspolitik ze kämpfen. Den Ufank ass gemat mat der Grënnung vun engem Mieterschutzbund a mat der éischter nationaler Logementsmanif leschten Oktober. 2021 wäerte mer weider mussen op dese Wee goen fir deen Drock, dee vill Leit all Mount spieren op d'Membere vun der Regierung ze iwwerdroen.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Dest Joer ginn et 10 Joer, dass ech Member bei déi Lénk sinn an nach nie virdru woar mer esou bewosst, wéi wichteg eis Oarbecht ass, wéi elo. Emmer méi Leit gesinn, dass déi sougenannte politesch Mëtt den heitegen Erausfuerderungen net méi gewuess ass. Et ass d'Politik vun eben deene Parteien, déi zu deene sozialen an ekologesche Krise gefouert huet, virun deene mer elo stinn. E Status-quo, e weider esou, ass keng Méiglechkeet. Krisen wéi vum leschte Joer wäerten net zur Ausnahm gehéieren mä ëmmer méi reegelméisseg optrieden, wa mer esou weider maachen.

Aus hinne wäerte vill Verléierer an e puer Gewënner erausgoen. Déi räichste vun deene räichsten, Leit wéi den Jeff Bezos an den Elon Musk hu vun deene leschte Méint profitéiert a maachen honnerte vu Milliounen Dollar, während op der anerer Säit Millioune Leit hier Existenz verluer hunn an net wëssen wéi et weidergeet. Et läit an der Logik vun eisem System, dass de Räichtum sech ëmmer weider akkumuléiert, während déi, déi schon net vill hunn, ëmmer weider ausgesuckelt ginn.

A well dee System d'raison d'être vu liberaler Politik ass, wäert déi politik eis net kënnen aus deene sëllege Krisen erausféieren. Den Einstein huet scho gesot, et kinnt ee Problemer nie duerch déi selwescht Denkweis léisen, duerch déi se entstane sinn.

Méi wéi je ass et och offensichtlech, dass déi riets Kräften keng Äntwert hunn. A ganz Europa schénge se hieren Zenit iwwerschratt ze hunn. A wann de versichte Coup d'Etat an den USA och kann Angscht maachen, sou huet en och eppes gewisen: Rietser mussen zur Gewalt gräifen well se mat de Mëttele vun der Demokratie net méi weider kommen. Riets Politik huet keng Äntwerten op déi sanitär Krise. Et ass sënnlos, d' Klimakris ze leegenen, wann ëmmer méi Leit direkt dovu betraff sinn. Dat läscht Joer

huet eis gewisen, wéi stoark mer op Solidaritéit ugewise sinn, deem hu Rietser näicht méi entgéint ze setzen ausser stomp Gewalt. Dat heecht net, dass mer se sollen ënnerschätzen. En antirassistescht an antifaschistescht Engagement ass grad elo wichteg.

Mä et ass kloer, dass et nëmmen eng Äntwert gëtt, wéi eis Gesellschaft vun hei aus sech ka virun entwéckelen:

Mäer brauchen e stoarke Sozial- a Gesondheetssystem. Mäer mussen vill ëffentlech Gelder doran investéieren, genau wéi an déi ekologesch Transitioun. Mäer kommen net dolaanscht, eise Wirtschaftssystem esou emzebauen, dass en net méi op éiwegem Wuesstem baséiert. A fir alles dat ze maachen brauche mer Steiersystem, deen d'Suen do hëllt, wou se wierklech sinn. Gleewt mer, wa mier alleguer kënnen all Mount Steiere bezuelen, da kënnen de Flavio Becca an den Jeff Bezos dat och. Esou kompliziéiert ass dat guer net.

Kolleeginnen a Kolleegen, ee leschte Gedanken:

Ech hunn den Owend vun der sozialer, der ekologescher, der sanitärer Krise geschwat, am Fong sinn dat alles nëmmen verschidde Perspektiven op déi grouss Krise an däer de Kapitalismus stécht. Dat Wuert „Kris" kënnt aus dem algriecheschen a bezeechent ursprénglech eng „Décisioun, Entscheedung". 2021 wäert e Joer vun der Entscheedung ginn, wäerte mer wierklech esou weider maachen wéi virdrun a widdert eng Mauer fueren?

Déi meescht Leit hunn dat lescht Joer fir sech erementdeckt, wat wierklech wichteg ass: Gesondheet, méi Zäit fier sech a seng Léiwst, Respekt an Unerkennung an eng Oarbecht vun däer een anstänneg liewe kann. Vill Leit sinn net méi bereed, an d'Hamsterrad zeréck ze klammen, sech ze iwwerschaffen fir iergendwéi iwwer d'Ronnen ze kommen, an der stänneger Angscht, awer an d'Oarmut ze rutschen.

Wa mer dat net méi wëllen, da musse mäer als Gesellschaft eis kollektiv dofir asetzen. Esou Verännerungen ginn ni vun enger Regierung oder engem Parlament agefouert, mä vun enger breeder Basis duerchgesat. Mäer wäerten dest Joer notzen, fir ze mobiliséieren, zesumme mat de Gewerkschaften, den Emweltverbänn an den ONG'en op deene verschiddene Fronten d'Intérêt'en vun de Leit ze verdeedegen an als Gesellschaft en demokrateschen Systemwiessel an d'Weeër ze leeden. Nie woar d'Néidegkeet vu Verännerungen esou ville Leit bewosst. Doru musse mer uknäppen an de Wee opweisen: E gëtt ëmmer eng Alternativ.

Carole Thoma, 14.01.2021